zu Boismont an Frankräich

Haut Samsdes den 21. Februar huet den Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg d'Fréijoër angelaut an dass mir dobäi net esou falsch luungen huet sech gewisen ewei traditioneller Weis och erëm Krucherten um Rendez – vous woren an eis lautstoark ungekënnegt hun dass mir eis net an der Zäit verdun haten. Et wor dann och een ganz aussergewéinlechen Dag fir eisen Member den Andy, Hien an d'Cyndi woren an der Nuecht houffrég Elteren vun éngem léiwen Meedchen gin an mir wëllen Hinnen dann och op dësem Weë nach éng Kéier häerzlechst gratuléieren.

Bei ongemitlechen 0° Grad woren Haut de Moien am Ganzen éng 20 Fëscher vun eisem Club dem Opruff nokomm an zesummen hun mir een flotten éischten Fëscherdag fir dës Fëschsaison beim Waasser verbruecht. Mir haten an den Bannkuren vum laangen Wanter profitéiert andeems mir eis Méckenkëschten erëm gefëllt hun, heibäi wëll ech den Bënner, Andy, Eric, Jemp, Eugéne an Guy villmols Merci soën fir hiren Ansatz deen dozou gefouert huet dass och dëst Joër eis Bannowender ganz gelongen woren an mir esou net nëmmen erëm vill Mécken an eisen Këschten hun mée dodernieft och kënnen op vill schéin Stonnen zu Lamadelaine an eisem Veräinshaus zeréckblécken, déi mir net mëssen wëllen.

Ewei mir unkomm sin woren den Patrick an den Eugéne schon am Gaangen hir Staangen opzeriichten, den Patrick hat och säin treien véierbeenegen Frënd matbruecht an Sie woren een gudd Team, ewoubäi een net soën konnt Wien méi opgereegt wor, den Patrick oder säin Hond, Dësen ass objiddverfall bei all Fësch vun Freed an d´Waasser gesprongen.

Nodeems déi éischten Opreegung sech geluet hat, déi éischt Wurelen hannert eis lungen an och deen een oder anner Fluch durch Dal geschaalt wor, sin dun lues a lues déi éischt Fësch fir dëst Joër gefaangen gin, ewoubäi et och dëst Joër erëm zimlech schwéier wor. Mir hun awer méi Fësch ewei dat leschten Joër gefaangen an nodeems et Moies mat Reen ungaangen wor huet d´Wieder sech am Laaf vum Dag och ansichteg gewisen, zeguer ass hei an do d´Sonn luusen komm.

Mée ewei erfreet woren mir dach erréicht ewei eisen Präsident, den Jeek, mam Robert virgefour ass, Sie haten eis éng Lënsenzop mat Mettwurscht gekacht. Dësen Menue huet bei deem fiichten kaalen Wieder gepasst ewei d´Fauscht op d´Aa an den Glühwäin deen Sie als Apéro zum Beschten gin haten huet eis och erëm séier bis an déi déck Zéiw opgewiemt. A bee mol haten d´Fëscher alleguer roud Baacken, woren ganz gespréicheg an et ass nëmmen nach gelaacht gin. d´Zop huet geschmaacht an et woren net wéineg Fëscher déi bereetwëlleg och nach éng zweet oder drëtt Kéier hir Jat

fëllen geloos hun. Fir Gedrenks wor och gesuergt an esou woren mir alt nees éng Kéier an eisem Element an et ass héich hirgaangen, jee op eisen Präsident ass eben ëmmer verloos.

Mëttes ass natiirlech nach ee bëssen gefëscht gin an mat gudd gesiedegtem Gemit woren mir dun och net méi esou kribbeleg. Et sin och Mëttes nach Fësch gefaangen gin och wann mir awer méi dovunner profitéiert hun fir den Dag gemitlech ausklengen ze loossen.

Ech wëll dann och nach éng Kéier drun erënneren dass den 7. März erëm d´Coupe Patrick Riehl zu Lamadelaine beim Joé ausgefëscht gët. Hei hun sech dëst Joër ganz vill Memberen ungemellt an ech hoffen dass mir och hei een gelongent Frëndschaftsfëschen am Gedenken un den Patrick erliewen wäerten.

Duerno steet eis Generalversammlung virun der Diir an mir hoffen dass, genee ewei am leschten Joër, erëm grad esouvill Memberen wäerten drun deel huelen an dann wäerten mir och hei erëm een gesellegen Owend verbréngen. Den Film vun eiser Rees duurch d´Joër 2014 ass objidvefall prett an ech méngen dass Dësen och ganz gudd erëmgët wat mir esou Alles an éngem ereegnesräichen Joër erliewt hun.

PÊCHE A LA
MOUCHE
UNIQUEMENT